

Note vun déi Lénk Déifferdeng fir Koalitiounsverhandlungen vunn enger eventuell neier Majoritéit zu Déifferdeng

Déi Lénk wëll dozou beidroen dass Déifferdeng méi sozial, ökologesch an gerecht gëtt an begréisst dofir d'Ouverture vunn den 3 Parteien, och Iddien an Virschlei vunn eis als Oppositionspartei matt an d'Iwerleeungen anzebannen.

Mäer wäerten wéi an der Vergangenheet eng konstruktiv-kritesch Oppositionspolitik maachen, am Sënn vun der Saach, nët der Opposition halber.

An dëser Note fannt Däer essentiell Programmpunkten déi eis fir Déifferdeng wichteg sinn, et ass awer just een Deel vunn eisem Programm. Mäer sinn zu Gespréicher an Kooperatioun bereed fir dës Punkten ze verdéiwen an weiderzebringen, elo an spéider.

Wéinst dem kuerzen Delai ass d'Dokument nët 100% an der Form finaliséiert, mee den Contenu zielt.

Keen Outsourcing an keng Privatiséierung

Et däerfen keng öffentlech Dingschtleeschungen vun der Gemeng méi privatiséiert ginn an Aarbeschten outgesourct ginn. Par contre muss alles gemaach ginn fir all bishereg Privatiséierungen réckgängig gemaach ginn: Wann nëmmen méiglech aus dem PPP Kontrakt fir den Aquasud erausklammen, d'Botzen vun den öffentlecher Gebaier erëm selwer mat Gemengepersonal maachen, etc.

Sozial Mietwunnengen bauen

Den Staat leet 70% beim Bau vun soziale Mietwunnéngen wann een se als Gemeng baut. Déi nei Regiierung wëll d'Gemengen do och méi an d'Verantwortung huelen. D'Gemeng kann dann jo Loyer froen, op laang Zait ass dat also eng sënnvoll, wëll nohalteg Investitioun. Dëst ass komplementär zu den Mossnamen déi bis elo vun Dp-déi Gréng annoncéiert ginn sinn, dat eent schléisst dat aanert nët aus.

CIGDL (Chambre Immobilière) seet et feelen 18.000 sozial Wunnéngen bei eis am Land, d'Caritas seet 30.000 an den ex-Minister Schank huet vun 9.000 geschwuat. Wann een dat plus ou moins op Déifferdeng erofrechnet misst een mindestens 400-500 sozial Wunnéngen zu Déifferdeng schaaffen wann mäer eisen Deel wëllen iwwerhuelen. Op 10 Joer waeren dat all Joer 40-50 Wunnéngen, dat waer dann nach ze lues, well an 10 Joer waert den Besoin erëm vill méi grouss sinn wéi dat wat momentan gebraucht gëtt.

Sozial gerecht steuern – Soziale Mietwohnungen bauen

D'Grondtséier ass déi am sozial gerechtsten Steier wëll eng Art Verméigenssteuer, wéi se leider vun CSV/DP an CSV/LSAP Koalitiounen national emmer méi reduzéiert gi sinn, an séch de Staat do selwer Handlungsspillraum ewechgeholl huet, wei se, och wann dat iwwerliewt ass, awer nach Méiglechkeeten gëtt fir eis Gemeng 2.000.000 zousätzlech Recetten ze generéieren ouni dem Portemonnaie vun den Leit wirklech wéizedoen. Eischens géif déi Erhéijung fir den eenzelnen op d'Joer net vill ausmaachen. Wann een den Hiewesaz vun der Grondsteuer vun 200% op 900% erop giff setzen, wéi ech dat hei am Gemengeroot als eenzegen virgeschloen hat, giff dat fir déi eng vun 25 op 80 EUR goen, fir aanerer vun 50 op 225 EUR. Dës giff awer éischens tendenziell éischer déi Leit treffen déi méi Moyen'en hunn an zweetens soll dës Erhéijung net eesäiteg erfollegen, se soll begleet ginn vun méi sozial an ökologesch gerechten Praismodeller op Waasser an Müll, amplatz vun deem Dogma vun der Käschtendeckung. Drëttens giff déi Steiererhéijung der Gemeng d'Moyen'en gin fir endlech hier Verantwortung am Wunnengsbau ze iwwerhuelen. 2 Milliounen zousätzlech Recetten duerch déi Steier giff der Gemeng mat den staatlechen Subsidien erméiglechen 9 Milliounen an den soziale Wunnéngsbau ze investéieren, voir 40-50 Wunnéngen

pro Joer ze bauen.

Intergenerationnelt Wunnen

Läscht Joer ass och een innovativen Projet ausgezechnet ginn am Kader vum Parcours 123 go social, deen mol zu Esch soll emgesat ginn, mee och op Déifferdeng kinnt ausgewait ginn:

Habitat Partagé Intergénérationnel (Un toit deux générations) (Moussa Seck):

L'Habitat Partagé Intergénérationnel propose un accès au logement en faisant cohabiter des seniors avec des jeunes étudiants ou travailleurs cherchant un toit pendant leurs études ou le démarrage de leur activité professionnelle.

Impact social: Créer ou maintenir le lien social et intergénérationnel; contribuer à l'accès au logement des jeunes dans des conditions financièrement accessibles; amorcer une solution alternative permettant aux seniors de rester vivre chez eux le plus longtemps possible

Präsentatiounvideo : <http://vimeo.com/81580797>

PAG – Urbanismus – Nohaltegkeet

Den PAG steet jo un. Et ass wichteg deen nët nëmmen als Bebauungsplang ze verstoen, mee et ass een Instrument matt deem een d'ganz Entwécklung vun Déifferdeng determinéiert, och sozial, ökologesch, natiirlech Verkéier mee och Accessibilitéit zu Servicer, etc.

An deem Kader ass Biergerbedeelegung kruzial. Wann d'Gemeng do eng regelrecht Dynamik lasstrétt fir dat zum Haaptthema während 6 Méint an der Gemeng ze maachen, matt allen Moyen'en, an déi Partizipatioun eescht geholl an gemaach gëtt, dann kann dat immens positiv Auswierkungen op vill Beraicher hunn : Integratioun, Cohesioun, lieweg Demokratie, Identifizierung matt der Gemeng, manner Leit plënnere fort, d'Gemeng gëtt méi attraktiv, eng Chance fir d'Geschäftsliewen, Ökologie, Verkéier. Am beschten Fall giff dat ganz zu Changementer féieren an Changementer ginn am beschten emgesat wann d'Leit vun fir eran agebonnen sinn.

Wéi abannen ? Méiglechst vill Kanäl benotzen an sech dat gudd duerchdenken.

Et ginn Professioneller déi d'Gemeng doranner kënnen begleeden an och Instrumenter, wéi z.B. CARTICIPE: strasbourg2028.carticipe.fr/, laval2021.carticipe.fr/, <http://www.marsactu.fr/archi-et-urbanisme/marseille-carticipe-la-democratie-a-la-carte-32727.html>

Fir déi Lénk ass et wichteg dass am Kader vum PAG folgendes gemaach gëtt :

- den Bauperimeter net ausgewait gëtt
- den Patrimoine vunn der Bausubstanz déi erhaalenswäert ass ze protegieren
- och innerhalb vun Déifferdeng Biotoper, aal Beem, Bongerten an aaner Gringflächen erhaalen
- do wou sënnvoll ass Baulücken schléissen
- Pilotprojeten realisieren wou aanert Wunnen méiglech gemaach gëtt : ouni Auto, matt gemeinsamen Reim fir Loisirs, fir Kanner, fir sozial Rencontres an en Echange vleit manner m2 individuell, wat erméiglecht Prais an Ressourcen ze spueren an méi Kontakt zwëscht den Leit hiirzestellen
- Mobilité Douce konsequent an kohärent duerch d'ganz Gemeng plangen an förderen. Weer fir ze Fouss an mam Velo verkierzen, vereinfachen, méi angenehm gestalten.
- Design4All : iwerléen wéieng verschidden Besoin'en opgrond vun Handicapen bestinn an wéi een bei all Projet deenen kann Rechnung droen. Och do, zesummenhängend Itinéraires méiglech maachen fir duerch d'Gemeng ze kommen

Den Wasserpreis ökologisch und sozial sinnvoll staffeln.

Den momentanen käschendeckenden Wasserpreis ass nët nëmmen eng weider finanziell Belaaschtungen fir d'Stéit mee och ökologesch net sënnavoll : Desto manner Waasser verbraucht gëtt, desto méi deier d'Waasser gëtt, well den Waasserpreis aus 70% Fixkäschten besteet an déi Käschten, wann se duerch manner m³ gedeelt ginn, jo méi héich pro m³ ginn. Dat heescht d'Leit ginn penaliséiert wann se Waasser aspueren. Och matt enger Staffelung kann den Waasserpreis käschendeckend sinn, den Virdeel ass awer dass d'Leit dann een Zil hunn : wann ech net iwwer 150 Liter ginn, bezuelen ech net dat duebbelt, wann ech manner verbrauchen, spueren ech bedaitend Suen an. Déi wou verschwenden, bezuelen fir déi aaner matt.

Den durrchschnëttlechen Waasserverbrauch zu Lëtzebuerg ass bei 150 Liter deeglech pro Persoun. Déi Lénk wëllen een Waasserpreis, deen an verschidden Oofstufungen agedeelt ass. Sou een gestaffelten Waasserpreis erméiglecht allen Leit een menschenwürdegt Liewen, ass sozial gerecht an bestroft déi onsënnege Verschwendung vunn Waasser.

déi Lénk schloën folgenden Modell vir:

0 bis 50 Liter deeglech pro Persoun: gratis
50 bis 150 Liter deeglech pro Persoun: aktuellen Präis
ab 150 Liter deeglech pro Persoun: duebbelen Präis

Op dësem Wee ginn d'Stéit, déi raisonabel Waasser consomméieren, entlaascht an d' Waasserspueren lount sech. Esouwuel dem Mënschenrecht op Waasser gëtt domadder respektéiert wéi och een verantwortungsvollen Émgang mit dëser wäertvoller Ressource belount.

Biirgerbedeelegung an lieweg Demokratie

- Budget participatif – d'Bierger sollen iwwert den Budget kënnen mattentscheeden
- voir sous PAG
- D'Kommissiounen sollen valoriséiert ginn an méi Initiative kënnen ergrafen.
- déi Lénk schléit fir een internt Réglement fir Kommissiounen auszeschaffen. Ween zweemol onentschëllegt nët kënnt, gëtt ausgeschloss, wann een 5 mol hannerteneen nët kënnt, trotz Excuse, gëtt een och ausgeschloss aus der Kommissioun. Par contre soll een als Partei an Zukunft net nëmmen een direkten Member mee och een Suppléant kënnen nennen. D'Kommissionen sollen sech opmaachen fir normal BiergerInnen. Méi ExpertInnen sollen ernannt ginn. D'Präsidentschaft soll no Interesse, Kompetenz an Engagement verdeelt ginn an net opgrond vun Parteikaarten, also sollen och onparteiessen BiergerInnen & der Opposition erméiglecht ginn PräsidentIn vun enger Kommissioun ze ginn. Rapporten sollen öffentlech gemaach ginn.
- Kannergemengerot weiderentwéckelen
- Jugendgemengerot weiderentwéckelen

Chancengleichheet: Integratioun, Inklusioun, Gleichberechtigung

D'Dynamik am Besuch op Design4All / Handicap soll genotzt ginn, vill Kommissiounen & hiir Memberen sinn momentan ganz interesséiert an engagéiert wéi et hiir Présence op gemeinsamen Versammlungen Enn 2013 gewissen huet. Esou schnell wéi méiglech mussen hei Neel mat Käpp gemaach ginn an fir een konsequenten Suivi muss eng Koordinatiounspersoun ernannt ginn / agestallt ginn. Een Comité participatif nom Stater Modell soll ageriischt ginn fir déi ganz Virschléi déi et bis elo ginn ze suivéieren, weider Verbesserungen virzeschloen an dat ganz an engem Aktionsplang systematesch ugoen.

D'Integratiounskommissioun ass och immens dynamesch, et feelt nëmmen momentan un enger gezielter Koordinatioun.

Den Chancengleichheitsservice huet endlech erëm eng Hallewtâche mee 20h / Woch geet net duer, an 1-2 Joer muss deen Service onbedéngt personell verstärkt ginn.

Déi Lénk schléit een ganzen Service fir dat ganz Thema Chancengleichheet fir (nëtt nëmmen Mann/Fra, mee fir all Mënsch den Ofbau vunn Barrieren fir hiir Partizipatioun op alen Niveau'en vun der Gesellschaft: ökonomesch voir beruflech, sozial, Edukatioun, Loisirs, Kultur,...) matt 3 Hallewdagsplazen erschengt eis sënnavoll & noutwennege. (voir Bettemburg, Luxemburg-Stadt, Esch,...)

Kanner a Jugend

Schon virun der Regiirungsembildung gouf et een Projet fir aus dem Instrument „Jugendkommunalplang“ een „Kanner- a Jugendkommunalplang“ ze maachen. Een Kommunalplang soll enger Gemeng eng Basis bidden fir opgrond vun identifizéierten Besoin'en Mesuren en place ze setzen fir d'Situatioun ze verbessern. An och fir iwerhaupt emol eng Bestandopnam ze maachen, duerch all Beraicher erduerch. Als Beispill: Sport a Kultur ginn oft als separat Beraicher gesinn an net abegraff an d'Kanner- a Jugendpolitik vun der Gemeng. Virun allem fir d'Kannerpolitik ass et immens wichteg ze definéieren wéi een Bild vum Kand d'Gemeng huet an wéieng Gemeng mäer den Kanner wëllen bidden. Créchen, Schoulen an Maisons Relais'en sinn do wichteg mee net alles an desto méi se kohärent mam Recht vun der Gemeengepolitik vernetzt sinn, desto besser. Dofir brauch et een Service deen sech em Kanner a Jugend këmmert, den aktuellen Maison Relais Service muss erem aus 2 Educatrices Gradués bestoen an méi onofhängeg, awer vernetzt, mam Schoulservice funktionnéieren. Do muss Konzeptaarbescht gemaach ginn an gekuckt ginn, dass mam Personal zesummen eng gemeinsam Virstellung vun der Kannerpolitik entwéckelt gëtt an dann och systematesch emgesat gëtt. Keen Aktionismus, net zevill, mee Qualitéit.

Den Projet Précoce an Maison Relais muss evaluéiert ginn an iwerduescht ginn. Wann d'Raimlechkeeten nei organiséiert ginn an dat keng Inselen méi sinn, mee all d'Reim vun Schoulen an Maison Relais'en emfunktionnéiert ginn fir dass déi Reim de ganzen Dag je no Besoin vun den Kanner an dem Programm benotzt ginn, an och vill méi dobaussen an der frëscher Loft gemaach gëtt, dann kënnen mäer eis esou Projeten virstellen, mee net esou.

Bei Bedarf sollen extern Begleeder engagéiert ginn, mee déi mussen och sënnvoll agesat ginn. Wann een Coaching kënnt oder een Prozessbegleeder kënnt, muss kloer sinn wou d'Fonctionnairen vun den Servicer sollen dobai sinn an wou nët. Een Coaching matt enger Ekipp aus engem Haus mëscht wéineg Sënn wann d'Chefin aus dem Service dobaisëtzt. Den Begleeder vum Ganzdagesbetrieungsprojet kascht vill Suen, ginn esouvill Deeg Aarbescht vun him gebraucht? Muss een eng Persoun vun baussen fir een héigen pro Stonnen Tarif huelen fir een Deel vun den Stonnen Rapporten ze schreiwen? Dobai ass déi Persoun nach KEEN pädagogeschen Begleeder!

Kulturpolitik

D'Kulturpolitik muss méi gezielt gemaach ginn, an méi transparent. Ausserdeem muss se matt beidroen zu den aaneren Politiken: Integratioun, Inklusioun, Partizipatioun, Kanner- a Jugendpolitik, Senioren,... Firwat kann een dem Kanner- an och dem Jugendgemengerot nët eng wirklech Partizipatioun erméiglechen bei der Gestaltung vunn der Kultur, deem engen oder aaneren Evenement? D'Kulturkommissioun muss méi onofhängeg vum Kulturservice kënnen funktionnéieren an och dem Service e een Input kënnen ginn an net nemmen emgedréint. Et dærf och keng 2-Klassen-Kultur méi gemaach ginn, déi méi renommiert an den H2O an déi aaner an den Centre Noppeney, et muss aaner Kritären ginn fir ze decidéieren wat wou organiséiert gëtt. Allgemeng kinnt manner vlait méi sinn, an méi eng gezielten Selektioun gemaach ginn wat organiséiert get an wat nët. Wann Sponsoren bei engem Evenement eppes finanzéieren soll dat iwwert den Gemeengebudget transparent laafen an net direkt vum Sponsor bezuelt ginn. An wann et nemmen d'Freedefeier ass, soll et vun der Gemeng bezuelt ginn an dann vum Sponsor rembourséiert ginn, fir méi Transparenz ze kréien.

Den Parc Gerlache dærf net méi fir grouss Evenementer, Party'en, etc. benotzt ginn, wëll d'Lärbelästegung einfach ze grouss ass an den Park sech och soss net erkritt.

D'Vergangenheet muss och onbedéngt opgeschafft ginn an d'Virwërf déi zënter Joeren an der Gemeng kurséieren an déi den Jean Lorgé als ehemolegen Member vum Schäfferot erhuewen huet muss onbedéngt gepréiw ginn.

Verainer

Den neien Schäfferot muss sech onbedengt iwberléeren wéi an Zukunft matt den Verainer soll geschafft ginn an wéi d'Bénévolat optimal ennerstëtzt kann ginn.

D'Konventioun matt der HMD ass an den Aen vunn déi Lénk ganz kloer een Schrëtt an déi falsch Richtung an sollt wann méiglech gekënnegt ginn. Amplaz, soll gekuckt ginn, wat d'Gemeng fir all Verain en place kann setzen. Wou kënnen wéieng Servicer Verainer ennerstëtzen? Wéi kann een d'Subsidien nei organiséieren? Do och vlait Kritären vunn soss Politiken drabringen (Kanner- a Jugendpolitik, Kulturpolitik, Chancenglaicheet, Klimapakt, Fair-Trade Gemeng,...).

Wéi eng Infrastrukturen kënnen en place gesat ginn déi all Verain eppes bringen an wéi den Accès dofir fair organiséieren? Musékschoul éischer wéi eng Harmonie conventionnéieren, Fussballschoul fir all Verainer éischer wéi just op een Verain setzen,...

Esou muss och d'Benotzung vum Stade Municipal nei negociéiert ginn an gekuckt ginn, wéieen Verain wéieen Besoin huet an wéi den CSO fir wéieng Matcher an Traineren den Stade soll kënnen benotzen.